NIKOTIN-JUNKIEN?

Vullennäschter si fir vill Insekten, Spannen an Dausendbeen en ideale Liewensraum, well do gëtt et ganz vill fir ze friessen. Lausmécken, Fléi an Zecke sinn an de meeschte Vullennäschter ze fannen. Dës Parasitte si besonnesch lästeg fir d'Vullen, well si hiert Blutt drénken. Si vill Zecken am Nascht, sammele Mexikanesch Hauspilloen (Haemorhous mexicanus) Deeler vu gefëmmten Zigaretten a leeën se an d'Nascht. Nikotin ass e staarkt Gëft, dat d'Zecke futtimécht. Wëssenschaftlech Recherchë mussen nach beleeën, wéi schiedlech Nikotin fir jonk Vullen ass.

Spréiwen (Sturnus vulgaris) dogéint sammele verschidde Kraider wéi Giersch (Aegopodium podagraria), Dausendblietchen (Achillea millefolium) a Wëll Muert (Daucus carota), déi am Nascht mat verbaut ginn. Dës Kraider enthalen eetheresch Ueleger, déi verhënneren, datt sech ze vill Parasitten am Nascht entwéckelen.

An de Fiedere vun de Pitohui-Aarten aus Neuguinea hu Fuerscher en änlecht Gëft wéi bei de Feilgëftfräschen aus Südamerika entdeckt. D'Gëft gëtt iwwer d'Friessen (Kiewerleken) opgeholl a räichert sech an de Fiederen un. Pitohui si méiglecherweis gëfteg, fir net gefriess ze ginn. D'Gëft schreckt awer och Ektoparasitten (wéi Zecken a Fléi) of.

Source texte: Musée national d'histoire naturelle, Exposition "Geckeg Vullen"; Adaptation graphique pour schouldoheem.lu: Script & Joe Leiner.